Interne Reglement

iwwert d'Fixéieren vun de Bäiträg vun den Piraten-Deputéierten

D'Präsidiumssëtzung vum 15te Januar 2020 mécht folgend Feststellungen :

1. De *Règlement grand-ducal du 23 novembre 2010 fixant un plan comptable uniforme à tenir par les partis politiques, précisant la forme des comptes et bilans et déterminant les modalités de la tenue de la comptabilité* schreift vir, wéi d'Parteien, an domadder och d'Piratepartei, Buch ze féieren huet*;*
2. D'Nott vun der Cour des Comptes vum 31ten Oktober 2019 zur Kenntnis huelend, an där d'Cour schreift, dass d'Bäitreeg vun den Deputéierten am Fall wou et verflichtend Bäiträg sinn, keng Donen duerstellen, mee Bäiträg, an deementspriechend gebucht musse ginn.
3. D'Piratepartei huet aktuell keen esou ee Reglement ;
4. Esou ee Reglement erlaabt et de Memberen transparent novollzéien ze kënnen, wat d'Deputéierte finanziell fir hir Partei leeschten;

Aus dëse Grënn beschléisst de Präsidium Folgendes:

1. D' Deputéierte vun de Piratepartei Lëtzebuerg mussen 10% vun hirem steierbefreiten Deputéiertenakommes (10% vun der part non-imposable) als Bäitrag un d'Partei ofginn.
2. All d'Beträg si spéitstens bis zum Enn vum Joer op ee Konto vun der Piratepartei z'iwwerweisen.
3. Dësen interne Reglement gëllt retroaktiv ab dem 1.1.2019. Vun dësem Datum un sinn all méiglech ausstoend Beträg, am Accord mat de betraffenen Deputéierten, op ee Konto vun der Piratepartei z'iwwerweisen.

Koplescht, de 15te Januar 2020